LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 20 AVR. 2021

Réf. : 837xcd043

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3807 du 9 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3807 du 9 mars 2021 de Monsieur le Député André Bauler au sujet de la recherche généalogique, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 3807

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kultur- a Justizministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3807 vum 9. Mäerz 2021 vum Här Deputéierten André Bauler**

Den honorabelen Deputéierte saiséiert mech mat enger Fro iwwert eng eventuell Upassung vun den Delaien, wat d'Kommunikatioun vun de Regëstere vum Etat civil ugeet, a bezitt sech heibäi op den Artikel 43 vum Code civil. Op dëser Plaz sief ze preziséieren, datt den Artikel 43 just d'Ofliwwere vun dësen Donnéeën un d'Nationalarchiv reegelt, woubäi et den Artikel 45 ass, deen den Délai de communication vun de Regëster vum Etat civil bestëmmt.

Et ginn, wat den Zougang zu den Archiven am Kader vu wëssenschaftleche Recherchen ugeet, Iwwerleeunge fir d'Delaie vun der Consultatioun vun den Akten aus dem Etat civil unzepassen. Et goufen an dësem Kontext och schonn Echangë mat Associatiounen déi op dem Gebitt vun der genealogescher Recherche aktiv sinn. Et gouf zréckbehal, datt eng eventuell Upassung vun den Delaie kéint am Kader vun enger nächster Revisioun vum Code civil oder vum Archivgesetz an d'Aa gefaasst ginn. Gläichzäiteg gouf och bemierkt, datt esou eng Upassung der Durée d'utilité administrative vun de Servicer vum Etat civil bei den Tribunaler misst Rechnung droen.

Vu datt déi nei Dateschutzbestëmmunge sech just op lieweg Persoune bezéien, muss bei enger zukünfteger Upassung vun den Delaien wat Kommunikatioun vun de Regëstere vum Etat civil ugeet, fir all Kategorie vun Akt gekuckt ginn, ob nieft der betraffener Persoun selwer nach aner Persounen indirekt duerch Mentiounen op den Akten betraff sinn. D'Delaie missten dann esou ugepasst ginn, datt keng lieweg Persoun méi betraff ass.